



N° 6396
Reçue le 22.06.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.06.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Et kënnst ëmmer erëm fir, datt Leit bei der Police uruffen, fir e Verstouss ze mellen - sief et Kaméidi an enger Residence oder op der Strooss, e falsch geparkten Auto oder soss e Virfall. An deem Fall muss den Uruffer dann seng Identitéit uginn: säin Numm a munchmol och seng Matriculesnummer.

Kënnst et dann zu engem Asaz vun der Police an zu enger Interpellatioun vun deem - oder deenen - déi Ulass waren fir d'Reklamatioun, kann d'Police och d'Identitéit devoiléieren vun deem, dee sech bei der Police gemellt huet.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass et bei der Identifikatioun vun deem, dee bei der Police urufft, wierklech néideg, och d'Matriculesnummer nozefroen?
2. Gëtt dat systematesch gemaach oder nëmmen a gewësse Fäll? Wa jo, a wéi enge Fäll?
3. Gëtt et zu dëser Fro offiziell niddergeschriwwen Uweisungen fir d'Policebeamten? Wa jo, wéi ass hei de geneeë Wuertlaut?
4. Wat geschitt mat dëse Matriculesnummere, wann d'Affär erleedegt an den Dossier zougemaach ginn ass? Gin se stockéiert? Vu wiem? Wou? Fir wéi laang? Wéini gi se geläscht?
5. Gëtt bei der Denonciatioun vun engem Virfall bei gläichzäiteger Interpellatioun vun der "personne en cause" systematesch d'Identitéit vun der Persoun devoiléiert, déi sech bei der Police gemellt hat?

Wa jo, kann dat net zum Nodeel vun der leschtgenannter Persoun sinn?
Wann nee, a wéi enge konkrete Fäll gëtt dat gemaach?
Ass et de Policebeamten iwwerlooss, wéi si an esou engem Fall virginn?



www.piraten.lu

Gëtt et hei och offiziell bzw. schrëftlech festgehalen Uweisungen a wéi gesinn déi aus?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député



www.piraten.lu